N°2464
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.**

Déi lescht Wochen hunn eng Serie vu problematesche Virfäll ronderëm d'lëtzebuergesch Foussballnationalequipe an d'FLF (Fédération Luxembourgeoise de Football) d'Ëffentlechkeet beschäftegt. Besonnesch problematesch war och de selektiven Ausschloss vun engem spezifesche Journalist vum Le Quotidien vun enger Presseronn den 2. Juni 2025, nodeems hie kritesch iwwer d'Entscheedung vun der FLF betreffend de Spiller Gerson Rodrigues geschriwwen hat. Dëst huet eng breet Diskussioun iwwer d'Mediefräiheet an d'Recht op kritesche Journalismus ausgeléist.

Zousätzlech koum et de 6. Juni zu Protester virum an am Stadion, wou FLF-kritesch Plakater vun de Stadionuerdner ewechgeholl goufen an eng Fra blesséiert gouf. D'FLF huet sech spéider entschëllegt a gesot, et wier e "bedauerlecht Mëssverständnis" gewiescht. Dës Evenementer weisen op e problemateschen Ëmgank mat der Meenungsfräiheet a journalistescher Aarbecht am Sportberäich hin, déi d'demokratesch Prinzippien ënnergruewen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung de selektiven Ausschloss vun engem Journalist vun enger ëffentlecher Presseronn?
2. Plangt d'Regierung eng kloer Richtlinn oder e Verhalenskodex fir ëffentlech finanzéiert Organisatiounen anzeféieren, déi de Prinzip vun der Mediefräiheet a gläichberechtegten Zougank fir all Journaliste mat sech bréngen?
3. Wéi kontrolléiert de Sportsministère d'Ëmsetzung vun demokrateschen a transparente Praktike bei Organisatiounen, déi ëffentlech Finanzéierung kréien?
4. Kënnen ëffentlech Subsiden un Organisatiounen u Konditioune geknäppt ginn, déi de Respekt vun der Pressefräiheet a Meenungsfräiheet garantéieren?
5. Wat fir Mechanismen existéiere fir ze garantéieren, datt kritesch Berichterstattung net zu Repressalien géint Journaliste féiert?
6. Wéi plangt d'Regierung ze verhënneren, datt sech änlech Situatiounen an Zukunft widderhuelen, an iwwerdeems d'Autonomie vum Sport ze respektéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten